

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Simone Beissel);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Domat géife mer zu eise n nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6502, deen eng Adaptatioun virhëlt um Gesetz iwwert d'Zentren, Foyeren an d'Servicer fir eeler Leit an iwwert d'Schafe vu Geriatriezentren. D'Riedezäit: Basismodell. De Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum, huet d'Wuert. Här Baum, wann ech gelift.

### 10. 6502 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

- Centres, foyers et services pour personnes âgées,

- Centres de gériatrie

#### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Gilles Baum (DP)**, rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass de Mëtteg hei scho vill a kontrovers diskutéiert ginn an ech ginn dovun aus, dass der averstane sidd, dass ech mech kuerzfaasse beim Rapport vum Projet de loi 6502 iwwert d'Établissements publics Centres, foyers et services pour personnes âgées a Centres de gériatrie.

Wann ech lech den Numm Servior soen, da weess all Mënsch heibannen, wourëm dass et geet. Servior gériert am Moment 15 Aariichtunge fir eeler Matmënschen. Et sinn aacht Altersheimer, sechs Fleegeheimer an eng Senioreresidenz, mat am Ganze 16.000 Better, entschëllegt 1.600 Better. 600 Leit kréien all Dag iwwer Servior de Repas sur roues. A Servior huet och ronn 1.500 Mataarbechter.

D'Capacitéit fir d'Fleeg an d'Ënnerbränge vun eelere Leit ass am Laf vun de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen, fir op deen ëmmer méi grouse Besoin vun Alters- a Fleegeheimplazen ze reagieren.

De virleiede Gesetzesprojet huet zum Zil, verschidde Kadastermodifikatiounen am aktuelle Gesetz vum 23. Dezember 1988, 1998 virzehuelen, déi deem Rechnung droen. Et ginn deemno verschidden Terrainen bei de Stat zrëck an aner Terrainen vum Stat gi gebraucht fir de Bau vun neien Alters- a Fleegeheimer. Dës Ännerunge ginn iwwert de Comité d'acquisition ofgewëckelt.

Ech presentéieren lech elo den Detail, ech wäert lech awer d'Kadasternummeren erspueen. Zu Wolz, do fällt d'„Wëlzer Schllass“, an deem 60 Better waren, mat sengen Terrainen, ronn 48 Ar, erëm zrëck bei de Stat. An dofir kritt den neie CIPA „Gënzebléi“ mat 120 Better 167 Ar an d'Plaz. Zu Veianen kritt de Stat den Terrain mam Klouschter, an deem 38 Better waren, mat zirka 20 Ar, zrëck. Dat neit Fleegeheim „Schlassbléck“ ass op Gemengenterrain gebaut ginn, an do kënnen elo 72 eeler Persoune betreit ginn.

Och zu Mäerzeg ass d'Fleegeheim „Op der Schock“ ze kleng ginn an huet net méi den néidege Standarden entsprach. Déi 35 Bewunner sinn op aner Heemer an der Émgéigend verdeelt ginn. De Stat kritt dofir no engem neie Mesurage ronn 83 Ar zrëck. Et gouf och schonn eng sénnvoll Reaffektatioun fonnt: An de Raimlechkeete vun „Op der Schock“ wäerten no de Renovatiounsaarbechte 25 behënnert Matmënsche betreit ginn. Zu Rëmeleng kritt de CIPA „Roude Fiels“ Parzelle mat enger Gréisst vun 18,5 Ar dobäi, fir sech kënnen ze vergréisseren. An no Ofschloss vun den Aarbechte wäerten 120 Better zur Verfügung stoen. Och d'Fleegeheim „am Schleeschen“ zu lechternach, mat momentan 57 Better, kritt Terrainen dobäi, ronn 40 Ar, fir sech ze vergréisseren a méi Plaze kënnen unzebidden.

D'Familljen- an d'Integrationskommissioun huet de Rapport uegheoll a schléit dem Plenum vir, den Text ze stëmmen. Ech géif lech heimmadder schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn an nach villmools Merci soe fir d'Noluschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem honorabelen Här Rapporteur. Ech hu signaliséiert kritt, dass déi eenzel Fraktiounen do dermat d'accord sinn, an hu just eng Wuertmeldung, dat ass déi vum Här Kartheiser.

#### Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn als ADR bei dësem Gesetz eppes gemaach, wat ganz aussergewöhnlech ass: Mir hunn der Regierung an engem Mooss vertraut, datt mer net nogemooss hunn, ob elo déi 5 Ar a 6 Zentiar iwwerall richtig waren. An ech bieden d'Regierung awer net ze mengen, mir hätten ëmmer esou Vertrauen an deenen dote Saachen!

Mä wat awer elo wichteg ass, dat ass awer, datt mer eis Froe stellen, ob et ëmmer sénnvoll ass, esou Gesetzer wéi déi heiten der Chamber virzeleeën. Et ass selbstverständlech eng Obligatioun, déi och constitutionnel Ursachen huet, datt et eng Acquisitioun ass, déi de Stat gemaach huet, an datt all Wiessel do soll iwwer Gesetz goen. Mä awer kann een déi Reflexioun hunn, well mer hei als Parlament u sech eng Constatation ex post maache vun eppes, wat geschitt ass. Et sinn Detailfroen. A wa mer iwwert d'Révision constitutionnelle an aner Froen nodenken, kann ee sech och d'Fro

stellen, ob dat heite wierklech sénnvoll ass, fir esou Constatatiounsexercicen ze maachen.

Mir hunn och hei an deenen Documents parlementaires, déi mer virgeluecht kruten, elo zum Beispill keng Fiche financière direkt gesinn. Op jidde Fall, mir hu keng gesinn. Vlächicht gouf et eng. Mir wëssen also och net, wat elo konkret den Engagement financier vum Stat war, ob schonn do d'Chamber u sech d'Budgetsautoritéit jo huet. Dat heescht, et kann och sinn, ech weess dat elo net am Detail, datt eng kéier Engagementer heifir gestëmmt goufen an engem anere Gesetz wéi dem Budgetgesetz. Dat kann d'Regierung eis vlächicht soen. Mä u sech, do wou et zielt, nämlech datt d'Chamber Accorde gëtt a priori oder virdrun a mat engem Wëssen iwwert de finanziellen Engagement, dat ass an dësem Fall net esou de Fall gewiescht.

An da wëll ech awer, wann ech schonn iwwert d'CIPA an esou weider hei ka kuerz schwätzen, d'Regierung, d'Madame Minister awer opmierksam maachen op eng Situatioun zu Suessem, wou deen ale CIPA nach ëmmer ongenotzt doläit. Anscheinend gëtt e geplëmmt a geraibert am Abléck, wann dat stëmmt, wat mer héieren. An ech wier frou, wann Dir, Madame Minister, där Saach emol géift nogoen. Well et ka jo net sinn, datt Gebailechkeete vum Stat, déi zum Beispill fir Studentewunnengen oder anescht sénnvoll kéinte genotzt ginn, elo einfach do leien an ausgeraibert ginn.

Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Ech hu signaliséiert kritt, dass soss keng Wuertmeldung do wier an all déi aner Fraktiounen hiren Accord manifestéiert hunn zum Projet.

Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci villmools.

Da géif ech d'Wuert un d'Madame Familljeminister weiderginn, fir Stellung ze bezéien.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Villmools Merci, Här President. Ech wollt just dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi kuerzen a ganz komplette Rapport awer.

An da wollt ech awer nach dem Här Kartheiser äntwerten, dass dat Ganzt elo keen Impakt huet op de Budget, also keng budgetär Impakter. Et ass just e Changement (veuillez lire: en Échange) vun Terrainen. De Stat kritt jo och Terrainen zrëck.

Et ass awer esou, dass mir festgestallt hunn, dass e CIPA oder eng Maison de soins besser iwwer 100 Better huet, fir dass et sech richtig rentéiert an dass een dat anstänneg organiséiere kann, och mam Personal. Dofir ass deen Exercice hei néideg. Et ass néideg, d'Saachen eben och ze moderniséieren.

An déi Geschicht vu Suessem, do kann ech lech elo net direkt drop äntwerten, mä ech wäert mer dat awer dann natierlech ukucken. An ech soen lech villmools Merci och, dass Der d'Gesetz hei stëmmt.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Familljeminister. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6502 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Abstentatiounen uegheoll.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Laurent Mosar), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Simone Beissel);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes

Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn net dovunner aus, dass d'Abstentatioun musse motivéiert ginn.

Domat ass de Projet uegheoll an ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete verfassungsméisseg Vote ze entbannen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zu eise n nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do handelt et sech ëm de Projet 6478, eng Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Rechter vun de Konsumenten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An den honorabele Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet d'Wuert. Här Bodry, wann ech gelift.

### 11. 6478 - Projet de loi portant

#### 1. modification

- du Code de la consommation;

- de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique;

- de la loi modifiée du 30 mai 2005 relative aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques et portant modification des articles 88-2 et 88-4 du Code d'instruction criminelle;

- de la loi modifiée du 8 avril 2011 portant introduction d'un Code de la consommation;

2. abrogation de la loi modifiée du 16 juillet 1987 concernant le colportage, la vente ambulante, l'étalage de marchandises et la sollicitation de commandes

#### Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Alex Bodry (LSAP)**, rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et ëm eng net onwesentlech Ëmännerung vun eise m Code de la consommation duerch d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv aus dem Joer 2011 iwwert d'Rechter vum Konsument.

Déi Reform hei huet zur Konsequenz, dass eist Gesetz vum 16. Juli 1987 iwwert de Colportage ofgeschafft gëtt; e Gesetz, wat e komplette Verbuet fir de Colportage hei zu Lëtzebuerg festgeschriwwen huet an dat ersat gëtt duerch eng EU-wäit Reglementatioun, wat dee Verkauf vun Dier zu Dier ueget.

Kärpunkt also vun där Diskussioun, déi mer och an der Kommissioun haten, war d'Opgi vun deem allgemenge Verbuet vum Hauséieren hei zu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg war praktesch nach dat eenzegt Land an der Europäescher Unioun, wat esou en absolut Verbuet hat vum Hauséieren, och wa mer alleguete wëssen, dass dee gesetzleche Verbuet och net dozou gefouert huet, dass an der Praxis d'Hauséieren net stattfonnt hätt.

Leider ass et esou, dass ëmmer erëm Nouvellé komm sinn, Beispiller vun notamment eelere Leit, déi relativ aggressiv démarchéiert gi sinn dobaussen, net esou séier, fir Wueren ze verkaufen, mä och ëmmer méi, fir Déngschtleeschungen entgéintzehuelen, meeschtens vun ausländesche Firmaen, déi iwwert d'Grenz komm sinn an deen aggressiven Démarchage da bei de Leit virgeholl hunn. Dat beweist, dass och, wann een eng streng Gesetzgebung huet, d'Praxis sech leider kann och niewent dem Gesetz entwëckelen.

Dofir ware mer eigentlech der Meenung, zessumme mat der Regierung, dass ee sollt no-